**AMICALE**
*Rogasen - Wollstein*
**Luxembourg**

Izeg, den 27 November 1985.

Le'we Komerod Joseph,

De'sen annexe'erten Bre'f schecken ech den o1.12.1985 un all eis Memberen (14o) vun der Amicale ROGASEN - WOLLSTEIN fort. We't d'Resultat ausfällt, dât wés ech e'rescht den 15 Januar 1986.

Solls s'du én oder dén âneren kennen, den de' Rés a Polen wellt mat mâchen, da geff him meng Adress. Ech sin den 26 Januar 1926 gebuer, a gong de'n 13 Juli 1944 no Wollstein a Polen an den R.A.D. Ons Amicale bestét aus dénen 2 Lageren Rogasen an Wollstein.

De' GRAAFF Vic vun Diekerech krut vu mir déselwechten Bre'f. Hien ass Präsident vun der Amicale GEMBITZ - DEUTSCHWALDE. Sie go'wen och mat ons agezunn. Mir sinn alleguerten Joergank 1925 an 1926.

Ech schecken de'se Bre'f och un ons Zeidong "Les Sacrifiés". Sie sollen "e résumé" an Zeidong brengen.

Solls s'du nach irgendwe' "détailler" wössen oder ons e gudde Rôt mat op de' Wé ginn, da ruff mech wannech gelifft un oder schreiw mir e kurzt Wuert.

An aller Komerodschaft,

Mewer

Sekretär vun der
Amicale Rogasen-
Wollstein.

Michel Wester,
37, rue de Hesperange
L - 5959 - I t z i g.

**AMICALE**

*Rogasen - Wollstein*

**Luxembourg**

Letzeburg, den 1. Dezember 1985.

PS: Pech deng enveloppe mat der Entwert wannech gelift net zo'.

Le'wen Komerod,

De'n 12. November 1985 um 8 Auer owens, wor de Comité vun der Amicale zesummen an huet beschloss vum o7 bis den 13 September 1986 no Me'glechkét no ROGASEN, WOLLSTEIN, MUELENTHAL an SEESTETTEN an eventuel no GEMBITZ an DEUTSCH-WALDE ze fueren wann de' le'scht genannten Amicale genuch Komeroden zesumme kritt fir mat ons des Rés ze' mâchen. POSEN selwer werde mir och besichen.

Mir fueren mat dem Schnellzuch Pareis-Moskau a fueren Sonndes den 7. September 1986 ge'nt 17.4o Auer zu Letzeburg op der Gare fort. Mir fueren iwer Koblenz -Köln - Helmstett - Frankfurt/Oder a kommen zu Posen den 8. September 1986 ge'nt halver zwo' Auer un.

De' Preis vun der Rés no eischten Schätzungen zweschent 15 an 2o.ooo.- Frang op de Kapp. De' Preis kann änneren mat der Zuel vun de Leit de' sech mellen. An dem Preis fir d'Rés (aller a retour) sin Couchetten mat abegraff. (Am ganzen sinn et ongefe'er 16oo Kilometer a mir brauchen ongefe'er 19 Stonnen. Dann ass et schons agréable Couchetten zu hun). Du kanns och deng Fra oder soss e' Famillgenmember oder Bekannten mat umellen a mathuelen. De' énzeg Conditi'on: hie muss Letzeburger sinn. De' zwét Conditi'on: Et muss én e' gro'sse Pass hun, den dann nach bis den 15. März 1987 gülteg ass.

Nodém mir zu Posen a Polen ukomm sinn, stét e Buss mat engem Guide fir ons zur Verfügung. Du wärs gesinn, mir denken un alles fir dir eng agréabel Rés virzeberéden.

Sollten sech net genuch Komeroden fir de' Rés no Polen mellen, dann dét et ons se'er Léd, ma da könne mir leider net fueren. Dofir wanns s'du Spâss hues no Polen ze fueren an dohinner könns kommen wo' mir am Arbeitsdienst waren, da mell dech bis spe'testens den 15. Januar 1986 un. Mir musse jo och nach Zeit hun, fir de' ganz Rés virzeberéden. Näher détaillen kriss s'du mat Zeiten zo' gescheckt. Wann elo ower d'Rés mat dem Autobuss vun Letzeburg aus vill me' belleg sollt gin, dann ännere mir selbstverständlech de Programm a fueren ganz mat dem Autobuss. Eng Avance fir de' ganz Rés get ge'nt Ouschteren gefroot.

De' Comité,

- - - - - - - - - - - - (hei oftrennen) - - - - - - - - - - - - - - - - - -

Ech fueren mat no Polen
net mat no Polen
ech fueren eleng oder zu ...... Perso'nen mat.
(net zo'treffendes durchstreichen).

NUMM an Adress a Blockschreft ..........................

....................
Oennerschreft,